ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Commission de la circulation du 02.07.2025

1. Presenzen

Présent	Absent
Amaral Antonio	Eich Nico (excuséiert)
Edert Rick	Feierstein Sascha (excuséiert)
Fernandes José	Reding Marc (excuséiert)
Huberty Laurent	
Kieffer Aloyse	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Scholtes Luc	
Wampach Sandra	

2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 02.07.2025 gouf unanime approuvéiert.

3. Zone 30

De José huet en Tableau ausgeschafft mat de verschiddenen 30-er Zonen an eiser Gemeng an d'Stroossen déi eng Gefor duerstellen. Mir sinn den Tableau zesummen duerchgaangen, an hu gekuckt wéi eng Stroossen eng Gefor sinn a wou eng Verkéiersberouegung néideg wier. Hei ass d'Iddi opkomm dass een sou en änlecht Dokument kéint ausschaffe mat de Stroossen wou Tempolimitt 50 ass.

Hei d'Stroossen déi eis an der Versammlung opgefall sinn:

- Gréiweknapp: um Knapp → vill Léit fueren duerch d'City. Dat ass geféierlech well vill kleng Kanner do spillen.
- Beschdrëf: An Uerbech → Am Agank vum Duerf (vu Sëll) ass Tempolimitt 50 an an déi aner Richtung ass Tempolimitt 30. An dëser Strooss gëtt d'Kéier ze schaarf geholl an d'Léit fueren iwwer den Trottoir. Dëst ass geféierlech fir Léit déi moies mat hirem Hond trëppele ginn a Kannere déi an d'Schoul ginn.
- Brouch: Rue du Moulin: Dëst ass eng Ofkierzung déi vill benotzt gëtt. Hei ass eis Propose en Deel vun der Strooss eng aaner Faarw ze maachen an e Vitesseuwéiser z'installéieren.
- Téinten: Hoelgaass & Rue Ueleschter
  Rue De Hollenfells an rue de l'église fir op d'rue de Luxembourg ze kommen

De José stellt en Dokument op fir déi nächst Versammlung mat de Stroossen déi mir genannt hunn.

Mir géingen eis als Kommissioun wënschen dass op déi laang Stroossen wou Tempo-limitt 30 ass, op d'Strooss all puer Meter gemoolt gëtt dass 30 ass.

4. Führerschäinstest

All Member soll sech fir déi nächst Versammlung Gedanke maachen, a wéi engem Kader dëst kéint stattfannen an organiséiert ginn.

5. Verschiddenes

Strooss tëscht Huelmes an CR113: Wéini ginn déi Lächer an der Strooss gefléckt? Mir wéilte froen op d'Gemeng dëst kéint bei Ponts et Chaussée nofroen.

Wéi eng Demande ass aktuell en cours fir Modification du règlement de circulation? → Mir wéilten als Kommissioun informéiert gi wann sou eng Modificatioun ugefrot gëtt.

6. Nächst Versammlung:

Mëttwochs, den 22 Oktober 2025 um 20:00 zu Téinten